Dépôt :
Groupe politique LSAP
Liz Braz

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2025

Interpellat° - Educat° financière

1

# MOTION

**D'Chamber,**

- stellt fest, dass de Phänomen vun der Iwwerverschëldung zu Lëtzebuerg zouhëlt, dat virop bei deene méi Jonken an de Stéit mat méi moderatem Akommes ;
- hëlt zur Kenntnis, dass de Verschëldungstaux par Rapport zum disponibele Revenu zu Lëtzebuerg am véierten Trimester 2022 an der Moyenne bei 180% vum disponibele Revenu louch, am Joer 1995 war dësen Taux nach bei 75% ;
- stellt fest, dass Lëtzebuerg domat am europäesche Verglach zesumme mat Dänemark un der Spëtzt läit wat de Verschëldungstaux ugeet ;
- hëlt zur Kenntnis, dass d'Immobilieprêten e groussen Deel vun der Scholdelaascht vun de Lëtzebuerger ausmaachen ;
- mierkt un, dass Lëtzebuerg dat eenzegt Land an der europäescher Unioun ass, dat kee Kreditregëster fir privat Kreditter virweise kann ;
- stellt fest, dass déi feelend Transparenz bei der Verschëldung vun de Leit zu Lëtzebuerg et méi schwéier mécht Preventioun ze bedreiwen an d'Iwwerverschëldung vun de Leit ze bekämpfen ;
- ass sech der dateschutzrechtlecher Komplexitéit vun esou engem Regëster bewosst, stellt awer och fest, dass et am Ausland Beispiller ginn, déi esou e Regëster ënnert enger ëffentlecher Gouvernance méiglech gemaach hunn ;

**invitéiert d'Regierung:**

- d'Méiglechkeet vun engem nationale Kreditregëster ënnert ëffentlecher Gouvernance, nom belsche Beipsill, zu Lëtzebuerg ze analyséieren ;
- d'Resultater vun dëser Analyse der Chamber ze presentéieren.

Mat déiwem Respekt,

Signature (s) :

Liz Braz